1-2019-O-R-5776-01 (n° 3173)

ADR
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Depot: Roy Reding

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, 17. Abrëll 2020

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- all Kommunikatiounsmëttel a Kommunikatiounsinfrastrukturen, besonnesch och a Krisenzäiten, vu grondleeënder Wichtegkeet fir d'Funktionéiere vun eisem Land an eiser Gesellschaft sinn;
- Lëtzebuerg an der Kommunikatioun ëmmer d'Exzellenz ugestrieft huet a sech op vergläichsweis gutt Infrastrukture verloosse kann;
- all Form vu Kommunikatioun an Datenaustausch ob ëffentlech, privat oder vertraulech muss kënnen allzäit protegéiert ginn;
- d'Infrastrukturen am Kommunikatiounsberäich mussen, besonnesch och am Krisefall, kënne protegéiert ginn;
- d'Sécherheet vun den Datebanken an den elektroneschen Archive musse kënne garantéiert ginn;
- e groussen Deel vun dësem sensibelen Aktivitéitsberäich net direkt vum Staat kontrolléiert gëtt.

fuerdert d'Regierung op,

- alles ze maachen, fir och a Krisenzäiten eng kontinuéierlech, sécher an zouverlässeg Kommunikatioun ze erméiglechen, esou wuel fir offiziell, wéi och fir ekonomesch oder privat Zwecker;
- an dem Sënn dofir ze suerge, datt och a Krisenzäite kann e «Service public» oprechterhale ginn;
- d'Sécherheet vun den Infrastrukturen am Kommunikatiouns- an Datesecteur am Hibléck op verschidden Typpe vu Menacen kontinuéierlech ze iwwerpréiwen an ze verbesseren;
- bei der Acquisitioun vun Hard- a Software besonnesch op potentiell Risiken am Beräich vun der Datesécherheet uecht ze ginn;

- dofir ze suergen, datt et allzäit redundant technesch Méiglechkeete gëtt fir d'Kommunikatiouns- an Datesécherheet ze garantéieren an dat niewent Iwwerdroungsmodalitéiten ouni Kabel och Festnetzer musse weider bestoen;
- Efforten ze maachen, fir d'Koordinatioun tëschent staatlechen, para-staatlechen a privaten Acteuren an dësem Beräich am Interessi vun der Sécherheet ze optiméieren;
- déi staatlech Ustrengungen ze verstäerke fir d'Digitaliséierung an d'Datesécherheet esouwuel am staatleche wéi och am private Secteur virunzedreiwen;
- d'Kommunikatiouns- an d'Datesécherheet vu sensibelen Infrastrukture besonnesch ze schützen;
- d'Land besser op Cyberattacke virzebereeden an deenen Administratiounen déi sech mat där Thematik befaassen, déi néideg Mëttelen ze ginn;
- d'Efforten ze verstäerke fir déi wichtegst staatlech Datebanken ze verduebelen an ofzesécheren;
- d'Fuerschung an d'Entwécklung am Beräich vun der Kommunikatiouns- an Datesécherheet ze ënnerstëtzen an ze verstäerken;
- der Chamber bannent engem Joer e Rapport iwwer d'Sécherheet vun de Kommunikatiounsinfrastrukturen an den Datebanke virzeleeën;
- en eegene Ministère fir Kommunikatiouns- an Datesécherheet ze grënnen.

Roy Reding

Deputéierten

ADR - Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742
ADR - Parti politique 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel.: (+352) 2620 3706